



La Chambre des Députés,

- considérant qu'une ventilation ainsi qu'une aération adéquates des espaces intérieurs constituent une mesure efficace pour limiter une transmission du Covid-19 ;

- considérant qu'une présence importante de dioxyde de carbone (CO₂) dans l'air intérieur indique qu'une pièce est mal aérée et qu'un taux élevé de CO₂ dans l'air engendre un taux élevé d'aérosols auxquels le virus du Covid-19 se fixe ;

- reconnaissant ainsi le taux élevé de CO₂ comme facteur de risque pour faciliter la propagation du coronavirus ;

- considérant les recommandations du Gouvernement de renouveler l'air dans les salles de classes au moins deux fois par heure pour limiter la propagation du virus ;

- rappelant les récentes ouvertures publiques en la matière par Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale ;

- constatant que certaines parties de l'Allemagne et de la Suisse ont déjà installé des détecteurs de CO₂ dans leurs salles de classes,

invite le Gouvernement

- à mettre à disposition des écoles et des communes des détecteurs de dioxyde de carbone (CO₂) pour mesurer la qualité de l'air intérieur dans les établissements scolaires et dans les salles de classe.

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Georges Mischo, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion

« Mise en place de mesures cohérentes dans l'éducation formelle et non formelle pour éviter la propagation du coronavirus »

La Chambre des Députés,

- rappelant que l'année scolaire 2019/2020 a été affectée considérablement par la pandémie de Covid-19 ;

- considérant que l'année scolaire 2020-2021 est également affectée par la pandémie de Covid-19 ;

- notant les efforts dans les écoles fondamentales pour limiter les mouvements entre élèves dans la classe, des pauses décalées ainsi qu'une réduction des contacts personnels en dehors de la classe ;

- constatant que dans les maisons relais, les enfants qui sont strictement séparés en groupes le matin sont mélangés l'après-midi ;

- rappelant qu'une interruption efficace des chaînes d'infection nécessite une approche cohérente ainsi qu'une séparation systématique des groupes d'enfants à la fois dans les écoles et dans les maisons relais,

invite le Gouvernement

- à mettre en place des mesures cohérentes dans l'éducation formelle et non formelle pour éviter au maximum la propagation du coronavirus ;

- à mettre à disposition en nombre suffisant le personnel nécessaire dans les maisons relais.

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Georges Mischo, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion

« Personnel enseignant détaché »

La Chambre des Députés,

- rappelant que la pandémie de Covid-19 a fortement bouleversé l'année scolaire 2019/2020 ;

- considérant que l'année scolaire 2020-2021 est également affectée par la pandémie de Covid-19 ;

- considérant que la continuité de l'enseignement et de l'apprentissage doivent être assurées tout en assurant au maximum la sécurité sanitaire ;

- notant que la loi du 29 octobre 2020 prévoit la possibilité pour l'année scolaire 2020-2021 d'un remplacement majeur du corps enseignant dans l'enseignement fondamental ;

- considérant que la loi du 29 octobre 2020 supprime temporairement la condition d'une détention d'une attestation habilitant à faire des remplacements dans l'enseignement fondamental ;

- soulignant la nécessité de prévoir le plus grand nombre possible de personnel qualifié pour éviter une fréquentation trop élevée des classes ;

- considérant que la réintégration du personnel enseignant détaché sur le terrain limite le recours à du personnel non qualifié ;

- considérant que les différents projets et tâches des enseignants détachés ont toute leur importance et nécessité en temps normaux ;

- considérant cependant que des temps exceptionnels nécessitent aussi des moyens exceptionnels ;

- convaincue qu'un enseignement de qualité est un facteur primordial pour se construire un avenir,

invite le Gouvernement

- à élaborer une liste complète du personnel enseignant détaché ;

- à procéder à une analyse approfondie des différents projets et tâches du précité personnel enseignant détaché afin de détecter les projets et les tâches pouvant être suspendus durant la pandémie ;

- à prévoir un moratoire sur ces projets pour libérer temporairement du personnel enseignant ayant une formation pédagogique complète et pour le déployer dans les écoles.

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Georges Mischo, Marc Spautz, Claude Wiseler.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen.

3. Désignation d'un Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

Da kéime mer zum éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten. Esou wéi d'Gesetz vum 1. Abrëll 2020 iwwert den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher an den Artikel 162 vum Chambersreglement et virgesinn, ass d'Chamber derzou opgeruff, haut een Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher ze bezeichnen.

No den Dispositionne vun den Artikelen 162 an 135 vun eisem Reglement huet d'Présidentekonferenz d'Kandidaturen op hir Recevabilitéit examiniert. Déi dräi Kandidaturen, déi agereecht goufen, sinn och recevabel erkläert ginn.

D'Kandidatelëscht ass den Deputéierten zougestallt ginn. D'Designatioun vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher erfollegt duerch eng Majoritéit vun deenen Deputéierten, déi present sinn. D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et däerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d'Votten iwwert déi offiziell deponéiert Kandidature si valabel.

Fir als Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher designéiert kënnen ze ginn, muss ee Kandidat eng absolutt Majoritéit kréien. Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolutt Majoritéit kritt, kënn et zu engem Ballottage, an deem déi zwee Kandidaten vertrauede sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kritt hunn. Bei Stëmmegläichheet vun e puer Kandidaten beim éischten Tour kënn et zu engem Spezialtour fir d'Kandidaten fir de Ballottage ze designéieren. Bei dësem Spezialtour geet dann eng einfach Majoritéit duer. Bei Stëmmegläichheet am Ballottage kënn et zu engem zweete Ballottage. Wann dann nach ëmmer eng Stëmmegläichheet ass, entscheet d'Lous.

Vote secret sur les candidats au poste de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

Mir kommen elo zur Ofstëmmung.

Deelt wannechgelift d'Stëmmziedelen aus.

Fir d'éischt géif ech dann nach de premier Votant fir den Appel nominal duerno zéien. An dat géif dann zimmlech hannen am ABC ugoen: beim David Wagner.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech wëll d'Chamber drop opmierksam maachen, datt héchstens eng Kandidatur däerf ugekräizt ginn, soss ass de Stëmmziedel ongëlteg.

Ech maachen den Appel nominal fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

Appel nominal

D'Sitzung ass ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 14.15 heures.)

(La séance publique est reprise à 14.19 heures.)

D'Stëmmziedele si follgendermoossen opgedeelt:

Total vun de Stëmmziedelen: 56.

Blank Ziedelen: 0.

Ongëlteg Ziedelen: 0.

Gëlteg Ziedelen: 56.

Déi absolutt Majoritéit läit deemno bei 29.

Mir kommen dann elo zur Verdeelung vun de Stëmmen: D'Madamm Marguerite Krier huet 11 Stëmmen, den Här Charel Schmit huet 45 Stëmmen (ndlr: den Här Patrick Thoma huet keng Stëmm).

Domadder ass den Här Charel Schmit mat 45 Stëmmen als Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher gewielt. Mir felicitéiere ganz häerzlech den Här Charel Schmit, an ech sinn iwwerzeegt, datt mer mat him wäerte ganz gutt zesummeschaffen.

D'Wal ass domat ofgeschloss.

4. 7516 - Projet de loi portant modification :

1° du Code du travail en vue de transposer la directive (UE) 2018/957 du Parlement européen et du Conseil du 28 juin 2018 modifiant la directive 96/71/CE concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services ;

2° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

- la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;

- la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;

- la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;

- la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7516, eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'detachéiert Aarbechter. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif dann d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. An do ass e schonn. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP) rapporteur.**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet ëm de Projet de loi 7516, dee mer haut debattéieren an deen ass eis alleguerten net onbekannt, well mer eis schonn e puermol mat deem Sujet auserneegesat hunn.

Ech stellen lech haut mäi mëndleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet vir, dee mer heibanne communément de Projet de loi „Detachment“ nennen.

Et ass e Projet mat enger grousser Bedeitung a mat enger Problematik, déi jiddweree betrëfft. Et geet hei ëm eng Grondreegel vun der Europäescher Unioun, e Bannemaart net nëmme fir d'Ekonomie - wat et leider vill ze vill laang war - mee och, an ëmmer méi, e Bannemaart mat gläiche Rechter fir d'Salariéen a fir d'Leit am Allgemengen. Eng verstärkten Integratioun bedeit net eng Verschlechterung vun de soziale Rechter! D'Zil vun dësem Gesetzesprojet bleift, de Respekt an de Schutz vun de soziale Rechter fir d'Salariéen, d'Handwierker an d'Betribler ze garantéieren an ze verbesseren. A firwat dat? Ma fir esou de sozialen Dumping ze bekämpfen a fir eng loyal a fair Konkurrenz tëscht den Entreprises ze erméiglechen an ze garantéieren.

De sozialen Dumping, ass leider nach eng traureg Realitéit a verschiddene Secteuren an ass nach fir vill Ongerechtegeete responsabel, well déi detachéiert Salariaéen déi sinn, déi am meeschten dësem Risiko ausgesat sinn, well si oft net genuch iwwer eis Legislatioun informéiert sinn. D'Ëmgoe vum geltenden Aarbechtsrecht a vun de soziale Versécherungen, souwéi d'Ausbeutung vun den Aarbechter sollen hei vermeit ginn. Et geet drëms, déi sozial Standarden an engem bestëmmte Land ofzesécheren, wat eis jo alleguerte misst um Häerz leien.

Wou kënn déi Detachementsdiskussioun do hier? Ma dat ass keen neie Phenomeen, an et ass och haut nach ëmmer e kriddlege Punkt an der europäescher Debatt. Et ass e Phenomeen, dee schonn zanter 1996 ugepaakt gëtt mat der Direktiv 96/71/CE iwwert den Detachment am Kader vun enger Prestation de service, déi 2002 an d'nationaalt Recht ëmgesat gouf, an duerno an de Code du travail integréiert ginn ass.

An engem Urteel vum europäesche Gerichtshaff vum 19. Juni 2008 ass dunn dat Gesetz ofgeännert ginn duerch en neit Gesetz vum 11. Abrëll 2010. D'1996er Direktiv war haaptsächlech, fir déi ekonomesch Sécherung an de Vierdergrond ze setzen, ouni déi sozial Komponent ze betruuechten.

D'Bestëmmungen, déi geholl goufen, sollte sécherstellen, datt d'Entreprises an déi Ugestallte bannent der Unioun kéinte schaffen - baussent dem Sëtz vun där Entreprise, wou se ursprénglech oder meeschtens schaffen -, an dëst fir eng zäitlech limitéiert Period. Dobäi mussen d'Ugestallten ënnert den aarbechtsrechtliche Bestëmmunge beschäftegt ginn, déi am Land gëllen, wou se detachéiert sinn, an dat betrëfft d'maximal Aarbechtszäiten, d'minimal Rouzäiten, de Congé an nach eng ganz Rei vun anere Saachen.

Duerno kounn dunn d'Ausféierungsdirektiv vun 2014, déi de 14. März 2017 an dat nationaalt Gesetz iwwerholl gouf. Mat der Erweiterung vun der Europäescher Unioun war d'Zil vun dëser Direktiv net, déi 1996er Direktiv a Fro ze stellen, mee de soziale Schutz besser ze verankeren an e besseren Equilibre tëschent der wirtschaftlecher an der sozialer Dimension ze schafen. Mat der Ëmsetzung vun der Direktiv gouf en zousätzleche Schratt gemaach, fir d'Rechter vun de Betribler a vun de Salariaéen ze schützen. Wat war dann nei an deem Gesetz? Ma d'Responsabilitéit vun den Entreprises an d'Chaîne de sous-traitance goufe klarifizéiert; eng elektronesch Plattform, déi all d'Prozedure vereinfacht huet, gouf agefouert - de sougenannte Badge social -; d'Aktualiséierung vun der Lëscht vun de Piécen, déi d'Entreprise detachante huet misse liwweren, ass aktualiséiert ginn; mir hunn eng Aféierung vun administrativer Sanktiounen gehat; d'Salariaië kënnen och eng Plainte areechen; mir haten en plus nach d'Erweiterung vun der Responsabilitéit vun der ITM, andeems d'Chantiers bei Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht kënnen gestoppt ginn - dat war ee ganz grouss Schratt an déi fir eis richteg Richtung.

An Europa bleift den Detachment nach e relativ marginale Phenomeen um Aarbechtsmaart, awer mat enger staarker Tendenz no uewen. Wou et 2014 nach 1,9 Milliounen Aarbechter gouf, déi detachéiert waren, waren et der 2016 schonn 2,3 an 2019 sinn et der bal 2,8.

Wann een d'Entwécklung zu Lëtzebuerg kuckt, da stellt ee fest, datt vill Aarbechter betrëfft sinn a vill Leit zu Lëtzebuerg am Detachment ënnerwee sinn. Den Detachment huet hei zu Lëtzebuerg e ganz groussen Impact op eis Wirtschaft. Laut dem Rapport vun der ITM ass d'Zuel do rasant an d'Luucht gaangen: 2014 waren et der 40.600, 2016 schonn dat Duebelt, 81.330 - dat ass ëmmerhin awer 20 % vum Emploi zu Lëtzebuerg -, an 2019 si mer bei 140.561 Leit - dat sinn awer 31 % vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen. A genau esou gesäit och d'Evolution vun den Entreprise-detachanten aus: 2016 waren et 2.363 Entreprises detachantes, an 2019 si mer bei 4.497 Entreprises detachantes.

D'Problematik ass mat de Joren also méi grouss ginn, an déi sozial Ecarten an der Unioun sinn och weider eropgaangen. Et gëtt nach ëmmer Fäll vun Abusen, an d'lwverschaffe vun der Direktiv war onëmgänglech, dëst am Interêt vun de Länner an och, fir fir eng sozial Konvergenz kënnen ze suergen.

Wat sinn dann elo déi Haaptpunkte vun dëser neier Direktiv vun 2018? Et ass eng Direktiv, eng Revisionsdirektiv, fir nach méi sozial Rechter vun den Aarbechter ze garantéieren. Déi wichteg Punkten, déi Neierungen am Gesetz si follgend: Eng Erweiderung vum sougenannten Noyau dur, dat sinn déi Bestëmmungen, déi während engem Detachment onbedéngt musse respektéiert ginn: déi maximal Aarbechtszäit, déi minimal Rouzäiten, de Mindestlounsaz, d'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbecht, an nach eng ganz Rei vun anere Punkten. Mir änneren an dëser Direktiv och de Prinzip vun der Égalité de traitement - also mir änneren de Prinzip net, mee mir féieren en u sech an. Da geet et och nach ëm eng Stärkung vun de Rechter vun den temporär detachéierten Aarbechter, also vun den Interimmen, an d'Zäit vun dem Detachment gëtt limitéiert op zwielef Méint, voire maximal 18 Méint.

Den Noyau dur, dee gëtt duerch zwee Punkten erweidert. Eng Kéier d'Ënnerkonfiskonditiounen, also d'Conditions d'hébergement vun den Aarbechter: D'Ënnerkonfikt fir detachéiert Aarbechter, déi vum Patron ugebuede gëtt, muss ënner verschiddene Konditiounen stattfannen: critères minimaux de salubrité, vun Hygiène, vu Sécuritéit a vun Habitabilitéit. Wat u sech schlëmm ass bei dëser Direktiv, dat ass, datt een dat muss an e Gesetz schreiwen! Dat misst jo selbstverständlech sinn, datt ee minimal Standarden huet, wann ee Leit ënnerbréngt. Mee apparement, an dat hu mer gesinn an der rezenten Vergaangenheet, war dat net de Fall - ech hat et schonn eng Kéier gesot - bei grousser Fleeschfabriken hei vir an Däitschland, déi wirklech deenen dote Krittären net entsprach hunn.

Dann ännert och nach e weidere Punkt beim Noyau dur: D'Zoulagen oder de Remboursement vun Ausgaben, fir Rees-, Iwwernuechtungs- an lesskäschten ze decken, gi vum Patron iwwerholl.

En zweete Punkt - dee steet am Mëttelpunkt vun dëser europäescher Direktiv - ass d'Fro vun der Remuneration. Dëse Gesetzesprojet gesäit vir, datt en detachéierte Salarié de Salaire, de Bonus kritt, deen a Kraaft ass am Land, wou en detachéiert ginn ass. D'nationaalt Aarbechtsrecht gëllt och fir déi Aarbechter, déi an deem Land detachéiert ginn. Zum Beispill, wann e Land an der Gesetzgebung oder am Kollektivvertrag an 13. Mount virgesäit, da gëllt deen och fir den detachéierte Salarié.

En drëtten Punkt: Déi Interimsaarbechter sollen déi selwecht Aarbechts- a Lounbedéngungen a Lounrechter kréien, wéi déi lokal temporär Aarbechter. D'Entreprise utilisatrice muss d'Interimsfirma informéieren iwwert d'Konditiounen, déi se applizéiert.



An als leschte Punkt, fir de Schutz vu laangfristeg detachéierten Aarbechter ze erhéijen, stellt dëse Gesetzesprojekt dann elo zousätzlech Konditiounen fir de Patron: D'Zäit vum Detachement ass op zwielef Méint begrenzt a kann ëm sechs Méint verlängert ginn, awer just, wann de Patron dann och eng Notifikatioun un d'ITM schéckt.

Den 23. Januar 2020 ass dëse Projet deposéiert ginn. An engem éischten Avis vum Staatsrot vum 17. Juli ware fënnef Opposition-formellen dran, déi dann an der Aarbechtskommissioun diskutéiert goufen. Eng Opposition formelle goung ëm de Begrëff „Taux salaire minimum“, dee méi adequat wier wéi eng éischt Formulatioun vum „Salaire social minimum“, notament well et an de Kollektivvertrëg net direkt ëm de Salaire social minimum geet. Dee Punkt hat d'CSL och opgeworf.

An den Aarbechte vun der Aarbechtskommissioun goufen den 2. Oktober dunn Amendementer un de Staatsrot geschéckt. Den zweeten Avis vum Staatsrot ass de 27. Oktober erakomm, an déi fënnef Opposition-formellë goufen do och aviséiert, an dat war dunn an der Rei.

Awise sinn och nach vun deene verschiddene Kummeren erakomm. D'CSL hat sech an hirem Avis vum 13. Februar mat enger Rei vun Elementer d'accord gewisen, hat awer och kritiséiert, datt d'Regierung mat dësem Gesetzesprojekt net méi wäit wéi déi europäesch Direktiv géif goen, notament fir eng gemeinsam Responsabilitéit ze verlichten tëscht der Entreprise, déi een Aarbechter detachéiert an där, déi een Aarbechter entgéinhält.

An hirem Avis vum 15. Mee 2020 kritiséiert d'Chambre de Commerce, datt ënnerschiddlech Bestëmmungen vun dësem Gesetzesprojekt de Code du travail géifen onverständlech maachen, an datt si esou och net richteg bewäerte kéinten, ob déi europäesch Direktiv dann elo géif richteg ëmgësat ginn oder net.

D'Chambre de Commerce mengt och, datt zwee Artikelen aus der EU-Direktiv net korrekt ëmgësat géife ginn: Engersäits den Artikel iwwert d'Erweiderung vum Noyau dur - d'Ausgaben fir Rees-, Iwwer-nuechtings- an lesskäschte sollten net als Erweiderung vum Noyau dur gëllen -, an anersäits den Artikel zu den temporär detachéierten Aarbechter.

D'Chambre des Métiers ass an hirem Avis vum 10. Juli och mat ënnerschiddlechen Punkten net averstan, a seet ënner anerem, datt eng gewësse Berechnungsmethod géif feelen, fir d'Zäit vun zwielef Méint kënnen ze berechnen. Zousätzlech seet d'Chambre des Métiers, datt d'ITM nach méi Moyene bräicht, fir méi cibléiert Kontrolle maachen ze kënnen. Datt d'ITM déi néideg Moyene brauch, domadder si mer, mengen ech, alleguerten heibanen averstanen.

Dëse Projet gouf dunn unanime an der Aarbechtskommissioun uegeholl. Déi Unanimitéit weist och, wéi wichteg esou e Gesetz ass, an ech soe Merci derfir. Ech soen och Merci fir déi gutt Aarbecht an där Kommissioun. Et ass eng agreabel Kommissioun, wou et gutt virugeet, a wou mer eis net ze laang mat Niewesächlechkeeten ophalen an och net ze laang d'Wuert monopoliséieren. Dat ass wierklech eng flott Aarbecht an där Kommissioun.

Fazit ass, datt dëst e weidere wichtige Schratt ass, fir sozial Rechter iwwert d'Grenzen eraus ze garantéieren, an esou och eng Europe sociale, wéi mer se alleguer gär hätten, an de Vierdergrond ze setzen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Georges Engel villmools Merci a ginn d'Wuert un deen éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Aly Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 15. Juli 2014 huet den deemolegen EU-Kommissiounspräsident d'Direktiv, déi mer haut hei ëmsetzen, am EU-Parlament ugekënnegt. Hien huet deemools d'Wichtigkeet vun der fräier Zirkulatioun vun der Aarbechter ënnerstrach, déi ee sollt als Opportunitéit an net als Menace wouerhuelen. Et ass nämlech dës Mobilitéit, déi et erlaabt, a Secteuren auszuhëllefen, wou et e permanente Manktum un Aarbechter gëtt, respektiv wou et awer och manifestement u Qualifikatiounen feelt.

Ech mengen - an de Rapporteur huet et scho gesot -, och fir Lëtzebuerg ass déi Direktiv ganz, ganz wichtig: Net manner wéi 140.000 Aarbechter goufen 2019 op Lëtzebuerg detachéiert, et ass scho gesot ginn, a 4.500 Betriber hunn dovunner Gebrauch gemaach. Et sinn eng Ronn 53.000 Deklaratiounen bei der ITM agaangen, dat heescht also quasi 145 Deklaratiounen den Dag.

Virun deem Hannergrond muss een also soen, datt och eist Land, eis Wirtschaft vun där Fräizüegekeet profitéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat virausgeschéckt, ass et awer genee esou wichteg, datt

déi Leit, déi vun hire Betriber op Lëtzebuerg geschéckt ginn, net ausgebeut ginn an ënner korrekte Bedéngungen hei schaffe kënnen. Et ass wichteg, datt déi europäesch Fräizüegekeet, zu där mir eis nach ëmmer bekennen, net ausgenutzt gëtt, fir sozialen Dumping ze bedreiwen. Et ass also essentiell, d'Rechter vun dëse Leit an och vun eise Betriber ze stäerken.

Dat war och d'Uleies vun der Juncker-Kommissioun. De Jean-Claude Juncker sot sengerzäit: « [...] Je ferai en sorte que la directive concernant le détachement de travailleurs soit appliquée à la lettre et je mettrai en place une révision ciblée de cette directive pour garantir que le dumping social n'a pas de place dans l'Union européenne. Dans notre Union, un même travail effectué au même endroit devrait être rémunéré de manière identique. »

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - D'Zilsetzung ass kloer: Déi nammlechte Pai fir déi nammlechte Aarbecht op där nammlechte Plaz.

Dat war, wéi gesot, 2014. Et huet also net manner wéi véier Joer gedauert, bis d'Revisioun vun der Direktiv stoung. Dat weist och, wéi kriddleg deen Dossier ass a wéi divergent d'Positiounen tëscht den Hierkonftslänner an den Empfangslänner sinn. Et huet also vill Fangerspëtzegefill, Ausdauer an och Iwwerzeegungsarbecht gebraucht, bis dat Reegelwierk endlech stoung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat bedeiten dann déi nei Reegelen am Konkreeten? Wat ännert sech an der Zukunft?

Ech mengen, den honorabelen Här Engel, deem ech vun dëser Plaz aus villmools Merci soe wëll fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, an deen och déi ganz konstruktiv Aarbecht hei gelueft huet, déi an der Kommissioun zu dësem Projet war - en général muss ech em do Recht ginn, do geet et wierklech ëmmer ëm d'Saach -, huet déi grouss Linnen dovunner scho presentéiert. Dës Ännerungen dréien, wéi et scho gesot ginn ass, grosso modo ëm véier Achsen.

Éischtens, d'Remuneratioun vun den detachéierten Aarbechter: Bis elo war et esou, datt d'Bezuelung nëmmen dee gesetzleche Mindestloun als Richtwäert hat, an Diskrepanzen an der Bezuelung tëscht Aarbechter, déi vu Lëtzebuurger Firmen uestallt sinn, an Aarbechter, déi op Lëtzebuerg detachéiert ginn, sinn also net ausbliwwen. Dat ännert awer an der Zukunft: D'Besoldungsbasis bezitt sech nämlech net méi reng op de gesetzleche Mindestloun. Déi auslännesch Betriber müssen elo och Mindestsätz, déi sech zum Beispill aus Kollektivvertrëg erginn, plus allen aneren obligatoresche Bestanddeeler dovunner, respektéieren. Eng Rei vun deene Bestanddeeler sinn och schonn opgezielt ginn.

Et sief awer och ënnerstrach, an dat gëllt effektiv schonn zënter 1996, datt, wann am Heemechtsland d'Bezuelung besser ass wéi am Empfangsland, dann natierlech d'Reegelen aus dem Heemechtsland ugewannt ginn. Dat heescht, et ass also ganz kloer keen Nivellement vers le bas.

Fir datt elo awer déi auslännesch Betriber och wierklech wëssen, wat d'Pond Kiischen hei zu Lëtzebuerg kascht, wéi mer esou schéi soen, müssen hinnen déi néideg Informatiounen schnellstméiglech a komplett zougänglech gemaach ginn. Hei ass d'Gewerbeinspektioun gefuerdert: Si muss de Betriber dës an aner Informatiounen online zougänglech maachen, an dat zäitno, souwuel fir d'Patrone wéi och fir d'Aarbechter, awer och well d'Strofen, wann där müssen ausgeschwat ginn, ganz kloer och vun der Accessibilitéit vun all dësen Informatiounen ofhängeg gemaach wäerte ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, eng zweet Ännerung betrëfft den Hebergement vun den detachéierten Aarbechter, eppes, wat bis dato kaum mat a Betruecht gezu ginn ass. An Zukunft dierf et engem Betrib net méi egal sinn, wéi déi Leit hei zu Lëtzebuerg wunnen a wéi se verfleegt ginn. Solt e Patron engem Aarbechter en Hebergement zur Verfügung stellen, da muss dëse Logement ganz kloer de Lëtzebuurger Normen entsprechen. Hie muss op alle Fall derfir surgen, datt den Aarbechter net op de Logements- an anere Käschten, zum Beispill och Reeskäschten, sëtze bleift, an déi dierfen och net mat an d'Berechnung vun der Remuneratioun afléisen, respektiv duerno dovunner ofgezu ginn. Et ass, mengen ech, awer och ganz wichtig, datt dës Prezisiounen am Text stinn, fir datt duerno keng Interpretatiounsschwieregkeeten optauchen.

An eisen Aen ass et och wichteg, an Zukunft den Optraggeber, also net nëmmen de Patron vum detachéierten Aarbechter, an d'Flicht ze huelen, an et geet also net méi, fir déi Leit op Schantercher respektiv a Camionnettë schlofen ze loossen an esou weider.

Eng weider Neierung betrëfft d'Interimsaarbechter: Si falen an Zukunft, wéi et scho gesot ginn ass, an den Uwendungsberäich vun den Detachementsreegelen.

Last but not least ass et och esou, datt d'Aarbechtsrecht vum Empfangsland no zwielef Méint respektiv, wa speziell Grënn do sinn, no 18 Méint voll ëmfänglech muss spillen.

D'Berechnung vun deenen zwielef Méint wäert der Verwaltung awer sécherlech nach esou munch Kappzerbrieche bereeden, och, well hei de Cumul wäert spillen, an et muss gekuckt ginn, fir wéi eng Prestatiounen deen een Aarbechter fir deen aneren agesat gëtt. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an anere Wieder: D'Texter müssen elo de Praxistest bestoen. Et hënt also villes of vum Suivi vun de Kontrollen, a bei Verstéiss och vun de Sanktiounen. D'Gewerbeinspektioun wäert an Zukunft ganz sécher vill méi gefuerdert ginn a muss duerfir och deementsprechend Moyene kréien, fir all deenen Aufgabe gerecht ze ginn.

Um Niveau vun de Sanktiounen hate mer an der Kommissioun - niewent aneren Diskussiounen zum Projet, well mer jo och eng ganz Rei vun Opposition-formellen hu missen diskutéieren - länger Diskussiounen iwwert d'Natur vun de Sanktiounen, déi bei de Verstéiss sollte spillen. Am initialen Text ware souwuel administrativ wéi och strofrechtlech Sanktiounen virgesinn. De Staatsrot huet dat zu Recht als onzoulässeg ofgewisen. Mir hunn eis duerfir am Endeffekt fir administrativ Sanktiounen ausgesprach, an dat aus enger Rei vu Grënn: D'Poursuite vu Strofdote gestalt sech dacks als méi opwänneg, se hëlt méi Zäit an Usproch an huet duerfir och kuerzfristeg net dee gewënschten Effet. D'Verwaltung awer, déi am Alldag domat ze dinn huet, ka méi séier op Verstéiss reagéieren.

D'ITM huet sech - an ech mengen, dat ass wichteg - an de leschte Joren, virun allem awer am leschte Joer, substanzieel verstärkt, dat weisen déi rezente Zuelen: Waren et am Dezember 2019 149 Metaarbechter, esou waren et der - ech ginn elo net an an d'Detailer, wéi vill Inspekteren an esou weider - am Abrëll dëst Joer schonn 187, an et wäerten der, laut den Informatiounen, déi an enger Publikatioun vun der ITM ze liese waren, 214 sinn.

Et gëllt elo, ze liwweren an déi néideg Kontrollen um Terrain duerchzeféieren. Et gëllt awer och, d'Zesummenaarbecht op europäeschem Plang tëscht den zoustännegen nationalen Autoritéite weider ze verdéiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis bewosst, datt déi sozial Rechter op europäeschem Niveau weider muss gestärkt ginn. D'Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2018 ass e weidere Bausteen op dësem Wee.

Duerfir wäert d'CSV dëse Projet natierlech och matdroen. Et ass virdru scho gesot ginn: Et war Unanimitéit an der Kommissioun, well de Projet de loi derzou bäidréit, d'Situatioun vun den detachéierten Aarbechter ze verbessern, e weidere Schrëtt géint de sozialen Dumping op europäeschem Niveau bedeit, an en awer och déi Lëtzebuurger Betriber schützt géint d'Concurrence déloyale duerch dee sougenannten Dumping. Dat sinn déi Haaptursachen, firwat datt mir dëse Projet ënnerstëtzen.

Ech ginn heimat duerfir och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kaes. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Europäesch Unioun huet eisem Land vill Virdeeler bruecht. Als klenge Land kënnen mir eis als Deel vun engem Zesummeschluss vu Staaten op der internationaler Bün besser behaupten, wéi wa mir ganz eleng dostéingen.

Oppe Grenzen, den Zougang zu engem fräie Maart, Beweegungsfräiheet a 27 Memberstaaten an d'Recht, an all dëse Memberstaaten ouni Aschränkung schaffen ze kënnen, hunn zum Wuelstand vun eisem Land bäigedroen. Mir sinn op den europäesche Marché, seng Main d'oeuvre an dës oppe Grenzen ugewisen. D'sanitär Kris huet eis dat nach eng kéier däitlech virun Ae gefouert. Eis fräi ze beweegen ass fir eis eng Selbstverständlechkeet, ma dat war op eemol net méi méiglech. An Europa hate verschidde Staaten decidéiert, hir Grenzen zouzemaachen, fir d'Verbredung vum Virus auszebremmen, dorënner och eis Nopeschlänner.

Lëtzebuerg huet dëse Wee ni ageschloen, well et fir eis net dem europäesche Geescht entsprécht a mir méi op déi transnational Zesummenaarbecht setzen. Zoue Grenze bedeite fir Lëtzebuerg awer nach ee ganz anere Risiko: Mir sinn nämlech op déi 200.000 Frontalieren ugewisen, déi all Dag aus eisen Nopeschlänner iwwert d'Grenze kommen, fir bei eis ze schaffen. Zum Gléck goufen d'Frontalieren un de Grenzen net blockéiert, dat hätt nämlech vill Secteuren hei am Land an d'Laberente bruecht. Virun allem am Gesondheetssektor si mer vun eisen Nopeschlänner staark ofhängeg, mee dat

gëllt och fir d'Konstruktioun, de Logistik- an den Horeca-Secteur.

Uni d'Europäesch Unioun, ouni d'oppe Grenzen an d'Beweegungsfräiheet vun der Aarbechtskraaft an de Servicer wier eist Land net do, wou et haut steet.

E Member vun der EU ze sinn, bedeit awer och, sech u Reegelen ze halen. De Gesetzesprojekt, dee mir haut stëmmen, transposéiert eng nei EU-Direktiv zum Detachement vun Aarbechter an nationaalt Recht. Op all d'Detailer vum neie Gesetz ginn ech net méi an, well de Rapporteur a sengem gudde mündlechen an och schrëftleche Rapport op all déi wichteg Punkten agaangen ass.

D'EU-Direktiv leet ënner anerem nei Ufuerderungen un d'Ënnerbréngung vun detachéierte Metaarbechter fest. D'Ënnerbréngung ze reegelen, ass vullkommen richteg, an d'DP begréisst d'Efforte vun der EU, d'Rechter vun detachéierten Aarbechter ze stäerken. Si verdéngen et, d'selwecht behandelt ze gi wéi aner Aarbechter, an ënner mënschewierdege Konditiounen ze schaffen an och ze liewen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Am Koalitiounsaccord ass de Kampf géint de Sozialdumping beim Detachement een Hauptleies, an och an eisem eegene Walprogramm vun 2018 huet sech d'DP géint de Sozialdumping ausgeschat. Déi allermeescht vun eise Betriber hale sech un de legale Kader, dee mir hinne virginn. Entreprises, déi sech un d'Reegelen halen, déi hir Salariéen, och déi detachéiert, korrekt behandelen an hir Rechter respektéieren, majo déi leiden ënnert deenen Entreprises, déi géint d'Reegele verstoussen.

■ **M. André Bauler (DP).** - Ganz pertinent.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Dës schwaarz Schof kënnen e schlecht Liicht op e ganze Secteur geheien, obwuel si an der Minoritéit sinn.

■ **M. André Bauler (DP).** - Genee!

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - D'Chambre des Métiers huet an hirem Avis begréisst, datt d'Responsabilitéite vu Patrone verschäerft ginn, fir dem Sozialdumping entgéintzewierken. D'Zesummenaarbecht mat der ITM spilt dobäi eng entscheidend Roll. Ech wäert méi spët a menger Ried nach eng kéier op dëse Punkt zrëckkommen.

Fir d'Demokratesch Partei ass et och dee richtige Choix, administrativ an net penal Strofe bei Verstéiss géint d'Gesetz virzegesinn. Eis Constitioun erlaabt kee Cumul vun den ënnerschiddlechen Sanktiounen, dowéinst gouf an der Kommissioun diskutéiert, wéi eng Sanktioun am effikassste wier. Administrativ Strofen hunn de Virdeel, datt dës ouni gréisser Problemer och iwwer auslännesch Firme kënnen verhaange ginn. Penal Strofen, ënnert déi zum Beispill och eng Prigonsstrof fält, hunn zwar eng staark ofschreckend Wierkung, mee d'Fro vun der nationaler Zoustännegkeet an de Prinzip vun der Territorialitéit géifen d'Poursuite vun auslänneschen Entreprises erschwéieren.

Här President, Reeegele si wichteg. An der Wirtschaft garantéiere se e „level playing field“, andeems se e faire Kader schaffen, an deem all Betrib déi selwecht Erfolgsschancen huet. Ma et ass awer och wichteg, datt dëse Kader ausgeglach ass, an datt et net zu enger Iwwerreglementéierung kënnt. Eis Betriber brauchen e gewësse Grad u Flexibilitéit, déi zum Beispill eng temporär Affektatioun vu Salariéen erméiglecht.

Huele mer d'Beispill vum Bausecteur: Hei feelt et ëmmer nees u Leit mat där néideger Kompetenz an Erfahrung. Dofir gräifen d'Entreprises op Aarbechter aus dem Ausland zrëck, déi dann temporär op Lëtzebuerg detachéiert ginn. Vill detachéiert Salarié schafften och am Interim. E lëtzebuergesche Betrib kann iwwer eng auslännesch Interimsentreprise fir kuerz Zäit e Salarié ufroen, wann en akute Besoin bestee.

E Restaurant, deen zum Beispill ee Serveur weinst engem Krankeschäin oder engem Congé ersetze muss, gräift alt esou op eng Aarbechtskraaft zrëck, fir säi Betrib um Lafen ze halen. Oder de Restaurant brauch méi Serveure fir eng begrenzt Period, well saisonal oder eventbedéngt d'Aktivitéiten an d'Luucht ginn. Amplaz vun enger Feststellung, déi fir de Betrib net rentabel wier, kann och hei op en Interimsaarbechter zrëckgegraff ginn.

An dësem Kontext ass et eis als Demokratesch Partei wichteg ze ënnersträichen, datt mer et eise Betriber och an Zukunft erméiglechen, kuerzfristeg an onbürokratesch op esou Aarbechtskräften zrëckze-gräife. Den Detachement, ob elo als Interimaire oder net, ass fir vill Secteuren hei am Land onverzichtbar.

Am Rapport vun 2019 vun der ITM - an den Här Kaes hat deen och schonn ugeschwat - ass festgehalen, datt d'lescht Joer iwwer 140.000 Salariéen op Lëtzebuerg detachéiert goufen, dat sinn der ronn 26.000 méi, wéi nach 2018. Eleng 85.000 dovunner goufen an der Konstruktioun a 24.000 an der Industrie gebraucht. Eis Entreprisë sinn also op dës Aarbechtskräften ugewisen, fir hiren Aktivitéite voll a ganz kënnen nozoeen.



An engem oppene Marché sinn eis Betriber enger méi héijer Konkurrenz ausgesat. Dat huet seng Virdeeler, well een innovativ muss sinn, fir sech ze behaapten, wat och eng Plus-value fir d'Wirtschaft ass. Wa mir eis awer ze streng Reegele ginn, dann erhéicht dat fir eis Betriber och de Konkurrenzdruck, den Émsaz riskéiert ze falen, an am schlëmmste Fall ginn Aarbechtsplaze verluer, well d'Paien net méi bezuelt kënnen ginn. Domadder wier schlussendlech kengem gehollef.

Här President, ech hat et scho gesot, et ass och am Interêt vun éierleche Betriber, datt Entreprises, déi sech net un d'Reegelen halen, fir hiert Verhale bestrooft ginn.

■ **Une voix.** - Richtig.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - D'DP vertritt d'Meenung, datt e méi rigide Kader nëmme begrenzt d'Léisung vu Problemer ass. Wichteg ass et an eisen Aen, datt méi a méi effektiv kontrolléiert gëtt. Eng Entreprise, déi sech un d'Reegelen hält, huet näischt ze verstoppen an huet dohier och kee Problem, eemol méi kontrolléiert ze ginn. Esou kënnen Verstéiss opgedeckt an, wann néideg, och poursuiviéiert ginn.

D'ITM huet 2019 deen neie Service Detachement op d'Bee gestallt. Dëse gouf als Äntwert op déi steigend Zuel vun Detachementer agefouert, fir Deklaratiounen, Entreprises a Salariéen am Beräich vum Detachement ze kontrolléieren. Iwwer 3.500 Kontrolle goufen duerchgefouert, an 980 administrativ Amendes ausgeschwat.

De Service Gestion de projets informatiques vun der Gewerbeinspektioun ass och amgaangen, eng Onlineplattform fir den Detachement opzebauen. D'DP begrësst dës Initiativ, déi eise Betriber duerch eng Vereinfachung vun den administrativen Aufgaben zeguttkomme wäert.

Och fir d'ITM ass de Rassemblement vun den Informatiounen op enger Plattform eng Simplifikatioun, ma wéi d'Chambre des Métiers an hirem Avis awer kloermécht, brauch d'Gewerbeinspektioun och eng Kontrollstrategie fir allegueren déi ekonomesch Secteuren. Fir datt d'ITM hir Aufgaben och an Zukunft no den héchste Standards erfëlle kann, gesäit d'DP et duerfir als prioritär, d'Reform vun der ITM virunzedreiwen. Net nëmmen ass et wichteg, der Administratioun déi néideg Ressourcen a Moyenen zur Verfügung ze stellen, och d'Zusammenaarbecht mat der Douane, dem Parquet, der Police a weidere Verwaltungen muss intensivéiert ginn.

De Gesetzesprojet 7319 zur Reform vun der ITM gesäit dann och konkret Modifikatiounen beim Detachement vir: Bei Maintenance- oder Reparaturaarbechte soll zum Beispill eng Ausnamereegelung d'Entreprise vun enger Déclaration de détachement befreien, soulaang dës Aarbechten net méi laang wéi fënnef Deeg daueren. Dat ass eng enorm Vereinfachung fir Betriber, déi eng Maschinn musse flécken, an dofir een Aarbechter aus dem Ausland musse komme loosse.

Här President, wéi scho gesot, transposéiere mir hei eng EU-Direktiv an nationaalt Recht. Als Deel vum europäesche Marché musse mir eis un de Kader halen, deen d'EU eis virgëtt. D'DP ënnerstëtzt dëse Projet, well wichteg aarbechtsrechtlech Aspekter elo méi kloer a méi egalitär gereegelt sinn. Eis Betriber droen e groussen Deel zu eiser wirtschaftlecher Situatioun bäi. Si ginn opgebaut vu Leit, déi de Courage hunn, sech selbststänneg ze maachen, a schafen domadder Aarbechtsplazen, déi net nëmme Lëtzebuerg, mee der ganzer Groussregioun zeguttkommen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).** - Kolleeгинnen a Kolleegeen, Här President, de Prinzip vum Detachement geet op d'Direktiv vum 16. Dezember 1996 zrëck. Dat ass also schonn eng ganz Rei Joren hier.

Um Fong geet et drëm, eng communautaire Dispositioun ze schafe fir all déi Salariéen, déi fir eng bestëmmten Zäit am Kader vun der Prestation de service an engem anere Land schaffe wéi gewéinlech. Et soll heimat sécher gestallt ginn, datt fir all d'Salariéen, déi an engem Land tätég sinn, och jee weils d'Aarbechtsrecht vun deem Land gëllt. Et handelt sech och ëm e relativ technesch Dossier.

Mat der successiver Erweiterung vun der Unioun sinn awer och déi sozial Ënnerscheeder tëschent de Memberstaaten, an domat och d'Angscht virum sozialen Dumping, méi grouss ginn. Den Här Kaes huet an all Detailler dorop higewisen. Den Detachement ass zu engem politeschen a symboleschen ganz ëmstrittenen Dossier tëschent Ost a West ginn. Ech ginn Iech och do e Beispill: An dësem Kontext ass hei eng Klo um Europäesche Gerichtshaff vun zwee EU-Länner géint dës Direktiv agereecht ginn.

Dës Länner - fir se net ze nennen: Polen an Ungarn - hu gemengt, datt dës Direktiv Firmen aus hire Länner kéint diskriminéieren. Dir wësst jo, déi kënnen Aarbechtskräften zu méi bëllege Konditiounen offréieren. An dësem Kontext seet dann och den DGB; dat ass ee ganz rezent Urteel: „Viele Firmen machen aus der Ausbeutung von entsandten Beschäftigten ein lukratives Geschäftsmodell.“ Den EU-Gerichtshaff huet natierlech dës Kloen an engem rezenten Urteel ganz kloer verworfen.

Den Detachement gëtt och oft mat der sougenannter Bolkestein-Direktiv a Verbindung bruecht. Dat ass d'Richtlinn 2016/123, déi déi fräi Zirkulatioun vun de Services an der EU reegelt. Mee, anescht wéi an dëser Richtlinn ursprénglech virgesinn, gëllt beim Detachement eebe grad net den Hierkonfsländprinzip, mee dee vum Bestëmmungsland. Am Aarbechtsrecht gëllen also déi Reegele vum Land, wou d'Aarbecht reell geleescht gëtt. Sou gëtt verënnert, datt innerhalb vun engem Land op eemol Reegele vu verschiddene Memberstaaten am Beräich vum Droit du travail kéinte spillen.

2014 gouf déi sougenannten Directive d'exécution um Niveau vun der EU geholl. Si sollt eng besser Ëmsetzung vun der 1996er Direktiv sécherstellen. Mat der 2018er Direktiv, déi mir haut an nationaalt Recht ëmsetzen, ginn d'Bestëmmungen weider ugepasst. De soziale Fortschritt an der EU kënn net vun haut op muer an et ass d'Resultat vu Kompromësser tëschent Memberstaaten mat duerchaus ënnerschiddlechen Interessen. Mee déi nei Reegele bréngen eendeiteg Verbesserungen fir d'Salariéen an der Unioun, awer och fir d'Entreprises.

Mam Gesetz vun haut stärke mir d'Rechter vun de Salariéen. Meng Virriedner hunn, mengen ech, an allen Detailler dorop higewisen.

De Rapporteur Georges Engel, deem ech vun hei aus och villmools Merci soe fir säi ganz gudden Rapport, huet op d'Zuelen higewisen, déi an eise Land hei a Betruecht kommen. Dat sinn 140.000 Persounen. Dat ass relativ wichteg. A wéi gesot, et geet drëm, mengen ech, fir deene Leit Garantien ze ginn, datt si hir Aarbecht kënnen a gudden Konditiounen exekutéieren.

Ech schlësse mech de Wieder och vum Georges Engel un, datt dës Direktiv an hir Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg weider wäerten zum sozialen Europa bäidroen.

Dëst sinn alles ganz weesentlech Verbesserungen. Mee fir datt se och eng Realitéit um Terrain ginn, musse mir eis och d'Moyene ginn, fir d'Anhale vun de Reegelen ze kontrolléieren. Dofir sinn de weidere Ausbau an d'Stärkung vun der ITM esou wichteg. Genausou wichteg ass awer och déi gutt Zesammenaarbecht um europäeschen Niveau. An an dësem Kader kann ech och d'Schaffung vun der Europäescher Aarbechtsautoritéit, der ELA, begrëssen, déi d'lescht Joer hir Aarbecht opgehoit huet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Back. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, fir unzefänke wëll ech dem Här Georges Engel en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. An ech mengen, deem ass net méi vill bäizefügen.

Dëst Gesetz baséiert op enger EU-Direktiv aus dem Joer 2018. An et geet ëm Salariéen, déi am Detachement eng Dëngschtleeschung erbréngen an engem aneren EU-Land. Et kann een am Fong geholl kuerz gesot dat Ganzt op zwee Voleten zesummeféieren.

Duerch déi europäesch Gesetzgebung gëtt eng Serie vun Obligatiounen gereegelt, ënner wat fir enge Konditiounen dat ze geschéien huet, fir am Ausland enger Aarbecht nozegoen, fir op där selwechter Aarbechtsplaz ze schaffen, fir esou och dem sozialen Dumping entgéintzewierken. An domadder ginn och dem Salarié eenzel Grondrechter garantéiert do an deem Land, wou e schafft. D'sozial Rechte - ech mengen, mäi Kolleege, de Kaes Aly, hat et gesot - ginn heimat gestärkt.

Duerch dëst Reegeliwerk, wat de Salariéen hir Rechte reegelt, geet et awer och drëm, fir de Konkurrenzkampf bei den Entreprises ze garantéieren. Et gëtt manner Concurrence déloyale doduerch gemaach. Ech mengen, dat ass och e wichtige Facteur. Well soss gëtt et do ënnerschiddlech Präisser bei den Ausschreibungen an dat ass och net gesond fir dat Ganzt.

Kuerz gesot: Den EU-Bannemaart fonctionéiert nëmme mat gläiche Rechte fir all Salarié a fir all Betriber op där selwechter Aarbechtsplaz. Leider ass an dësem Ofkommen den internationale Stroossen-transport vun dëser Reegeling ausgeklamert ginn. Dat ass ee ganz fragile Secteur. An ech mengen, et ass och ganz schwéier, hei ze legiferéieren. Mee do soll jo méi spët an enger spezifescher Direktiv dësem Phänomeen Rechnung gedroe ginn.

A meng Virriedner hunn et och gesot: „All Gesetz ass nëmmen esou gutt, wéi seng Kontrollen effikass kënnen sinn.“ An ech mengen, et ass net nëmmen eleng d'ITM, déi hei gefuerdert ass, mee et ass och d'Douane, déi hei gefuerdert ass, wat den Hebergement ubelaangt.

An ech géif dann heimat d'Zoustëmmung gi vun der ADR zu dësem Gesetz. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Den Detachement vu Salariéen innerhalb vun der Europäescher Unioun an d'Reglementatioun vun dëser Praxis ass en aarbechtsrechtleche Sujet, dee meeschtendeels net an aller Mond ass. Dat huet och zum Deel domadder ze dinn, datt en eng ganz grouss Technizitéit opweist.

An awer geet et duer, wann een e Bléck an de leschte Rapport vun der ITM werft, fir erauszefannen, datt den Detachement e Phänomeen ass, deen zu Lëtzebuerg ganz grouss ass an deen an deene leschte Joren enorm gewuess ass.

De Rapporteur ass och schonn drop agaangen: 2019 waren et 140.000 Salariéen, déi fir e gewëssenen Zäitraum op Lëtzebuerg detachéiert gi sinn. Am Verglach zum gesamten Emploi salarié zu Lëtzebuerg vu ronn 445.000 ass den Detachement also wierklech substanzieel hei am Land, an dat besonnesch an zwee Secteuren, déi op sech eleng Dräivéierel vun allen Detachementer vereenen, nämlech de Bausecteur an d'Industrie.

Wa mir hei also elo iwwert déi Direktiv Detachement an hir Ëmsetzung an der nationaler Legislatioun schwätzen, da geet et dobäi ëm Aarbechts- a Lounbedéngunge vu ganz ville Leit op eise Territoire. Vill méi, et geet och ganz oft ëm Salariéen, ëm Aarbechter, déi a Beruffer schaffen, an deenen d'Paien oft net héich sinn an d'Bedéngunge vun der Aarbecht oft éischter schlecht an deelweis och geféierlech sinn.

E maximale Schutz géint Abusen op d'Käschte vun detachéierte Salariéen ass also enorm wichteg. An dës Schutz soll elo mat dëser Reform vun der Ëmsetzung vun der Direktiv an déi national Legislatioun punktuell verbessert ginn.

Bei enger Rei Punkten ass dat och de Fall. An d'Transpositioun vun der Direktiv féiert zu Verbesserungen am Code du travail. An ech mengen, dat muss een och kloer esou ervirhiewen. Hei sinn, fir eis op jidde Fall, och déi dräi respektiv véier Elementer ervirzehiewen, déi duerch d'Auswärtung vun de Kärdispositiounen vun der Direktiv obligatoresch och an de lëtzebuergesche Code du travail mussen opgehoit ginn.

Éischstens: d'Auswärtung vun deem, wat als Loun fir detachéiert Salariéë verstane gëtt, wouduerch en detachéierte Salarié elo och Rechte op déi Bezuelung huet wéi en normale Salarié. Et gëtt also nom Kollektivvertrag bezuelt - wann et dann ee gëtt - an et kritt een och seng Majoratiounen fir Iwwerstonnen oder Nuetsaarbecht.

Zweetens: déi méi strikt Reglementatioun vun den Ënnerkénften, also dem Logement vun detachéierte Salariéen, am Fall wou déi e Logement vum Employeur kréien. Dat ass an eisen Aen eng ganz wichteg Opwärtung vun de Liewensmänn vun de concernéierte Salariéen a verënnert, datt se, wéi et schonn emol de Fall war, zum Beispill a Baracken um Chantier ënnerbruecht ginn. Datt d'Konditiounen fir dës Logementer elo iwwert d'Salubritéitsgesetz vun 2019 gereegelt ginn, ass hei sécherlech positiv ze bewäerten.

Drëttens kréien detachéiert Salariéen hir zousätzlech Käschten opgrond vum Detachement - déi Leit kommen oft vu wäit ewech hier -, rembourséiert. Dat sinn zum Deel Logementskäschten, Fraise fir d'Verfliegung an Un- an Ofreeskäschten, déi elo zousätzlech zum Loun vum Employeur iwwerholl musse ginn.

D'Salariatskummer kritiséiert allerdéngs an hirem Avis, datt dës Punkten an der Transpositioun an nationaalt Recht net kloer verbindlech genuch sinn en faveur vum Salarié. D'CSL gesäit hei d'Gefor, datt d'Égalité de traitement net respektéiert gëtt, well et ka sinn, datt verschidden detachéiert Salariéë gréisser Zomme virstrecke mussen an da laang op e Remboursement waarde mussen, während anerer déi Käschte scho virum Untrëtt vum Detachement rembourséiert kréien. D'CSL huet hei och eng Propos formuléiert gehat, déi leider awer de Wee an d'Gesetz net fonnt huet.

Esou Elementer gëtt et der nach méi am Gesetz. Zum Beispill, datt d'Begrenzung vun der Dauer vun engem Detachement mam neie Gesetz elo op zwielef Méint limitéiert ass a just motivéiert kann ëm sechs Méint verlängert ginn. Et steet awer net dran, wi vill Zäit tëschent deem nächsten Detachement fir dee selwechte Salarié vergoe kann. Mir mengen, datt een dat effektiv och nach nobessere muss. Datt et ewell do zu Situatiounen komme kann, wou

Salariéen awer kéinte permanent duerch Europa detachéiert ginn a weíne bis guer keng Plangbarkeet vun hirem Liewe méi hunn.

Här President, ech hunn et gesot: Dëst Gesetz ass e Fortschritt fir d'Situatioun vun detachéierte Salariéen zu Lëtzebuerg. Et stelle sech awer och nach eng Rei Froen. Eng dovunner ass sécherlech déi vun der Kontrolle vun der Anhalung vun deene scho besteende Reegelen a vun deenen neien, déi elo derbäikommen. Et ass net fir d'éischt, datt mer iwwert dës Thematik schwätzen. Et ass jo och eng Reform vun der ITM ënnerwee, also där Instanz, déi fir dës Kontrollen zoustänneg ass.

Och hei stellt d'Salariatskummer feelend Ressourcen a Méiglechkeete vu Kontrollen am Moment fest. An déi weíne ofschreckend Amendé bei Verstéiss sinn also och méi e grouse Problem, net nëmme beim Detachement, mee och doriwwer eraus.

Mir sinn eis duerchaus bewosst, datt an de leschte Joren do grouss Efforte gemaach gi si vun der Regierung, och wat d'Opstockung vun de Personalméiglechkeete bei der ITM betrëfft, mee ech mengen, datt dat konsequent muss weitergefouert ginn, fir datt d'ITM iwwerhaapt d'Méiglechkeet huet, esou där Funktioun nozekommen, déi se huet.

Mir bedauern ... A mir haten an der Kommissioun ee Moment déi Diskussioun - verschidde Virriedner sinn och schonn drop agaangen - vun de Peinen an ob se dissuasiv oder net dissuasiv genuch sinn. Ech bedauern, datt am ursprénglechen Text déi an eisen Ae sénnvoll Dispositioun, datt nieft der administrativer Peine och eng penal ka virgesi sinn, opgrond vum Avis vum Staatsrot finalementerausgeholl ginn ass, wat riskéiert, datt deen dissuasive Charakter vun deene Strofen net esou grouss ass an domat och d'Effikasitéit vum Gesetz.

Här President, e Bléck an d'Joresberichte vun der ITM weist awer och ganz däitlech, wat d'Envergue vun deene Kontrollen zu Lëtzebuerg bedeit. Wann nämlech bei zirka 140.000 detachéierte Salariéen 2019 et 3.540 Kontrolle gouf, wouvun der just 586 ongemellt waren, a bei deenen 3.540 Kontrolle kommen dann 2.555 Injonktiounen eraus, da seet dat awer och eppes aus iwwert den Detachement an iwwert d'Versteiss géint d'Reglementatioun! Et muss ee sech froen, wat dat dann heescht! Heescht dat dann net, datt d'Versteiss beim Detachement riskéieren, d'Reegel ze sinn an d'Anhalung vun de Reegelen d'Ausnam? A bedeit dat net och, datt nach vill méi Kontrolle musse gemaach ginn, an datt mer och do méi dissuasiv Sanktiounen brauchen?

Dat schéngt eis elo nach méi dréngend ze sinn, elo, wou de Contrôle vun de Logementskonditiounen als weider Kompetenz fir d'ITM derbäikënn. Mir fannen dat absolut richtig, datt d'ITM dat kontrolléiere soll, mee déi Kontrolle mussen dann och eppes bréngen. Also d'Situatioun muss sech zugonschte vun de Salariéë verbessern. D'Versteiss musse manner ginn an Zukunft.

A besonnesch beim Logement ass dat en Enjeu, dee scho ganz akut ass, wéi mer et spëtstens säit Fréijoor an dem Ausbroch vun der Coronapandemie gesinn hunn. Iwwert d'Wunnskonditiounen vun detachéierten Aarbechter zu Lëtzebuerg an d'Geforen, deene si sech duerch insalubre Hebergementer ausgesat hu während dëser Pandemie, wësse mer bis elo am Fong net ganz vill. Ob et esou Zoustänn gëtt, wéi se an däitsche Schluechbetriber beschriwwen gi sinn, wësse mer net. Zumindest d'Ausmooss wäert zu Lëtzebuerg manner grouss sinn. Nawell wësse mer net genuch doriwwer.

Wann d'ITM dat elo kontrolléiere wäert, wäert eis dat zumindest och emol en Abléck an d'Liewenskonditiounen vun detachéierten Aarbechter erméiglechen, dee mer bis elo, wéi gesot, ganz weíne hunn.

An dat ass awer och e Problem, wat d'Explosioun vun den Detachementer ugeet, well Aarbechter anstänneg hebergéieren ass an engem Land, wat sech an enger Logementskris mat feelendem Wunraum befënn, natierlech och e massive Problem. De Logementsproblem vun detachéierten Aarbechter gesellt sech nach als weider Dimensioun vun der Logementskris derbäi a mécht se nach eng Kéier en Tour méi komplex an nach méi schwéier ze léisen.

An duerfir, den Här Rapporteur huet et ganz am Ufank gesot, et muss een eng Kéier op déi Zuelen insistéieren, datt innerhalb vu fënnef Joer, also vun 2014 mat net grad 40.000 detachéierte Leit (veuillez lire: mat e bësse weider wéi 40.000 detachéierte Leit), déi op Lëtzebuerg komm sinn, fënnf Joer drop 2019 140.000, also eng Augmentatioun war vun iwwer 100.000 Leit, déi op Lëtzebuerg schaffe komm sinn, déi net regulär Salariéë sinn an déi och e Besoin hunn un Iwwernuechtungen. Dee Problem, deen ass eng weider Dimensioun vun der ganzer Logementsproblematik, déi mer onbedéngt mussen am A behalen.

Här President, mat dëse Bemierkungen um Enn soen ech dann awer trotzdem, datt déi Lénk dës



Gesetzesprojekt matstëmme wäert, well et, wéi gesot, Verbesserung fir detachéiert Salariéë bedeit, beim Loun gradesou wéi bei de Liewensbedéngunge während dem Openthalt zu Lëtzebuerg.

Dëst Gesetz eleng garantéiert dat natierlech net, datt et den detachéierte Salariéen alleguer elo besser goe wäert. Do spillen och aner Beräicher mat eran. Net zulescht dee vun de Kontrolle vun der ITM, déi onbedéngt méi wierksam an ofschreckend musse ginn.

An deem Sënn hoffe mer, datt déi geplangte Reform vun der ITM séier virukënn an dann natierlech och e qualitative Sprong no vir bedeit.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst ass wuel e komplexe Gesetzesprojekt, soudatt ech a menger Riedezeit kaum all d'Verännerungen ernimme kann. Dofir wäert ech mech dann och op e puer speziell Punkte fokusséieren.

Dat gesot, hu jo och meng Virriedner schonn déi eenzel Elementer ausféierlech belicht.

Bei dësem Gesetzesprojekt geet et drëms, d'Aarbechter, déi aus dem Ausland op Lëtzebuerg schaffe kommen, ze schützen a gläichzäitig eng fair Konkurrenz tëscht de Firmen ze assuréieren. Mat dësem Text sollen all déi Leit, déi zu Lëtzebuerg nëmmen temporaire schaffen, an dat op engem eenzelne Chantier, besser behandelt ginn. Wat heescht dat genau?

All Aarbechter, deen hei op Lëtzebuerg schaffe kënn, muss de Mindestloun kréien oder dee Montant, deen zum Beispill an engem Kollektivvertrag festgehalten ass. Och - an dat fannen ech besonnesch wichteg - muss de Patron dem Aarbechter, deen an eist Land kënn, eng anstänneg Wunneng fir ze iwwernuechte bereestellen. Richtig gläichgestallt zu engem Aarbechter, dee fest zu Lëtzebuerg schafft, ass een doduerch awer nach net ganz. Eréischt wann dës Persoun méi wéi 18 Méint hei zu Lëtzebuerg géif schaffen, hätt se quasi all d'sozial Rechter an d'Flichten, mat e puer Ausnahmen.

Zu esou engem Fall sollt et awer an der Reegel net kommen, well de Patron eng extra Demande muss maachen, fir datt d'Leit méi wéi ee Joer kënnen um Stéck hei schaffen. Et ass also weiderhin nach ëmmer attraktiv, fir d'Leit aus dem Ausland kommen ze loossen a se no engem Joer erëm heemzeschécken.

Zum Prinzip, datt d'Leit aus Europa dierfen hei zu Lëtzebuerg fir kuerz Opträg agestellt ginn, gëtt et verschidde Meinungen. Fakt ass, datt an der EU all EU-Bierger a Betrib déi selwecht Rechter soll a muss hunn. Dorënner och d'Recht fir all Firma, als Soustraitant mat enger anerer Firma hei zu Lëtzebuerg u Projeten ze schaffen. Mir kënnen net an enger oppener Ekonomie just op Basis vun den Nationalitéite vun de Mataarbechter oder vun de Betriber diskriminéieren. Ëmsou méi wichteg ass et dofir, dat anstänneg ze encadréieren.

Här President, net eréischt säit de groussen Infektionsketten an däitsche Schluechthaiser sollt de Leit kloer sinn, datt hei an Europa nach ëmmer Leit als bëlleg Aarbechtskraaft méissbraucht ginn. Dës Leit, déi fir dräi Su op esou Plaz schaffen kommen, wunne während dëser Zäit oft an inakzeptabelen Zoustänn zu zéng an engem oder an zwee Zëmmeren. Si hunn och oft keen Zougang zu anstänneger Sanitäranlagen. A wat dat fir Folge kann hunn, ech mengen, dat hu mer all an deene leschte Méint gesinn an natierlech och bedauert.

Et gëtt an Europa nach ëmmer de Problem vun der Ausbeutung vu bëllegen auslänneschen Aarbechter. Fir dës Problem ze behiewen, brauch een natierlech déi néideg legal Moyenen. Mee dat geet net duer! Virun allem mussen dës legal Verflüchtungen och herno an d'Realitéit ëmgesat ginn. Esou brauch ee virun allem herno och Leit, déi dat Ganz kontrolléieren kënnen. Dës Aufgab soll zu Lëtzebuerg vun der ITM iwwerholl ginn.

Elo ass et awer nun emol esou, datt et der ITM u Leit feelt, fir net nëmmen all Chantier, mee och nach all d'Wunnenge vun dësen Aarbechter ze kontrolléieren. Wa mir also wëllen, datt et dës Leit an Zukunft besser hei zu Lëtzebuerg geet, schloen ech vir, datt mer och d'Sue fir méi Mataarbechter bei der ITM an d'Hand huelen. Ech weess, dat gëtt schonn zum Deel gemaach. Ech maachen hei nach eng Kéier andrénglech den Appell, datt een do eng Schëpp kann dropleeën. An déi Schëpp hätt natierlech och eis vollst Ënnerstëtzung.

Esou ass et nämlech wichteg, fir d'Fuerderungen an dësem Gesetz och an der Welt dobassen ëmsetzen ze kënnen. D'ITM ass den Dréi- an Aangelpunkt vun dësem Gesetz. Si kontrolléieren net nëmmen d'Leit an d'Betriber, si mussen och Preventiionsaarbecht leeschten. Duerch eng Säit - eng Säit! - op der ITM hirem Internetsite soll sech all Aarbechter a

Patron kënnen informéieren, u wéi eng Mesuren ee sech muss halen. Zum Beispill, datt een aacht Deeg Zäit huet, fir seng auslännesch Aarbechter unzemellen.

Et ass ëmmer wichteg, fir d'Leit iwwer hir Rechter a Flichten ze informéieren. Dat ass kloer! Dat wäert och keen heibanne bestreiden. Ech si mer awer net sécher, ob do eng Säit um Site vun der ITM duergeet. Et fänkt schonn domadder un, datt d'ITM en Internetsite op Däitsch an op Franséisch huet. Mir wëssen awer, datt grad bei detachéierten Aarbechter net onbedéngt ka virausgesat ginn, datt se Däitsch an/oder Franséisch kënnen. Deementsprechend muss d'ITM hei en Effort maachen, fir a méi wéi nëmmen deenen zwou administrative Sproochen vu Lëtzebuerg ze kommunizéieren, fir esou och wirklech jiddwerengem Accès zu dëse wichtegen Informatiounen ze garantéieren.

Ech maachen hei awer och nach zousätzlech den Appell, datt mer eis net domadder zefridde ginn, fir op engem Internetsite ze kommunizéieren. Mir musse proaktiv um Terrain Werbung fir d'Rechter vun den Einzelne maachen. Well et ass net einfach virauszesetzen, datt een, dee mat deene wëllste Versprechungen am Ausland ugeworbe gëtt, fir hei zu Lëtzebuerg während enger Zäit ze schaffen, och weess, datt en iwwerhaupt Rechter huet, déi iwwert dat erausginn, wat e vu sengem Patron virgegaukelt kritt.

Sécherlech, déi meescht wëlle sech un d'Gesetzer halen. Déi meescht hale sech un d'Gesetzer. An déi meescht probéieren, esou konform ze sinn, wéi et nëmme geet. Et geet hei awer drëm, d'Aarbechterinnen an d'Aarbechter viru genau deene Patronen ze schützen, déi sech herno als schwaarz Schof eraustellen. Et geet drëm, Werbung ze maache fir d'Rechter vun all Einzelne.

Zum Transportsektor gouf ewell gesot, firwat deen net berücksichtegt gëtt. Ech mengen, dat ass kloer. Hei erhoffen ech mer, datt déi speziell Direktiv fir den Transportsektor dann och relativ séier do ass an transposéiert ka ginn. Mee, bon, dat ass eng Saach, déi e bëssen Zäit wäert brauchen, et ass e komplexe Sektor. An et ass näischt, wat sech vun haut op muer léise léisst.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Direktiv ass ee Schrëtt an déi richteg Richtung a Saachen Aarbechtsrecht, och well net nëmme ganz Betriber, mee och Aarbechter aus Interimsfirmen doduerch besser geschützt ginn. De Loundumping an Europa muss en Enn hunn. An dat heiten ass e wichtige Schrëtt an déi Richtung. All Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg egal wou un egal wat schafft, soll d'Gewësshuet hunn, datt en nom Mindestloun bezuelt gëtt an datt en a mënschewierdege Konditiounen ënnerbruecht gëtt. All Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg schafft, soll iwwer seng Rechter Bescheid wëssen.

All Betrib soll kënnen kontrolléiert ginn. Dofir ass dëst ee Schrëtt, awer och nëmmen e Schrëtt. An dee ganze Laf, fir un d'Zil ze kommen, steet nach virun eis. Et ass, wéi eise Premier géif soen, e Marathon. A mir mussen oppassen, datt eis net ënnerwee den Otem ausgeet.

Dat gesot, wäerte mir dat heite matstëmmen, well et drëm geet, d'Aarbechter besser ze schützen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Merci, Här President. Loosst mech fir d'éischt all menge Virriedner an och dem Rapporteur e grouse Merci soe fir deen exzellente Rapport, dee mer hei presentéiert kritt hunn, deen ech awer bal verpasst hat, Här President! Opgrond vun där grousser Flexibilität vun der Chamber, fir den Ordre du jour ze änneren, hat ech bal mäin Asaz verpasst. Mee opgrond vun eise modernen Technologien hunn ech awer alles matkritt, wat hei geschwat ginn ass. Dofir, wéi gesot, e grouse Merci un all meng Virriedner, besonnesch un de Rapporteur fir dee Rapport.

Ech wollt vläicht op eng Manéier ufänken, wéi een et hei net gewinnt ass. Normalerweis, wann een e Gesetz presentéiert oder zu engem Gesetz schwätzt, wou ee mierkt, dass een eng grouss Zoustëmmung kritt, da klappt ee sech selwer op d'Schëlleren a seet: „Kuckt, wat huet d'Regierung hei eng exzellent Aarbecht gemaach!“ Ech wëll awer hei eng Kéier ganz kloer preziséieren, dass dee soziale Fortschrëtt, dee mer haut hei warscheinlech eestëmmeg zesummen decidéieren, op der Basis vun enger europäescher Direktiv fousst. Dat weist a mengen Ae ganz kloer, dass, entgéint deem, wéi et dobassen ëmmer duergestallt gëtt, Europa eis ganz kloer ka virubréngen. Virubréngen a Beräicher, wou mer per se keng national Léisunge fannen. An dee vum Detachement ass mat Sécherheet ee vun deene Beräicher.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Très bien!

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Déi detachéiert Aarbechter sinn an enger spezieller Situatioun. Dat ass elo vu bal alle Leit hei gesot ginn. A mir schwätze beileiwen net méi vun engem Randproblem. Ganz am Géigendeel! 2016 ass d'Unzuel vun den detachéierten Aarbechter insgesamt an der EU op iwwer 2,3 Milliounen Aarbechter, Salariéë geschat ginn, mat enger rasanter Tendenz no uewen. An et wäert och kee verwonneren, dass Lëtzebuerg, mat sengem ganz dynameschen Aarbechtsmaart, ganz, ganz uewen an der Statistik steet, wann et drëms geet, de prozentualen Undeel ze moosse par rapport zu der gesamter Aarbechtskraaft.

De Rapporteur hat eng Rei vu Chiffere genannt: 140.561 Salariéen, déi 2019 am Detachement zu Lëtzebuerg geschafft hunn. Ech wollt vläicht nach méi aktuell Zuele liwweren, déi ech elo nach de Mëtte vum Direkter vun der ITM geliwwert kritt hunn. Am Verglach: 2019 wéi gesot 140.561 Salariéen an 52.840 Deklaratiounen insgesamt. Am November 2020 ware mer bei de Salariéen net gradesou héich - d'Joer ass jo nach net eriwuer - a mir waren an enger Pandemie. An trotzdem hunn 118.216 Salariéë bis an den November iwwert den Detachement hei zu Lëtzebuerg geschafft. An 51.427 Deklaratiounen si scho bei der ITM bis an dësen November agaangen. Dat weist also, an ech soen et nach eng Kéier, trotz Pandemie, dass déi Tendenz no uewen och am Joer 2020 unhält. An ech sinn iwwerzeegt, soubal mer och ekonomesch erëm op nach bessere Féiss stinn, da wäert déi Tendenz och nach weider steigen.

Ech wollt awer vläicht och nach e puer Vergläicher maachen zu de Contrôlen, déi gemaach gi sinn, an och zu den Amenden, déi d'ITM gemaach huet. 2016 hate mer ronn, net ronn, mee 285 Contrôlen am Beräich vum Detachement. 2020 am November hu mer 4.048 Kontrolle gemaach. Dat sinn der scho méi wéi am Joer 2019, wou mer 3.540 Contrôlë gemaach hunn. An och bei den Amenden, déi ausgeschwat ginn, ass et en dramateschen Ustig. Wa mer 2016 nach 219.500 Euro als Amenden ausgesprach hunn, si mer am November 2020 op 5.832.400 Euro komm. Dat ass am November 2020 scho weesentlech méi wéi am ganze Joer 2019, wou mer am Ganzen 3.083.000 Euro als Amenden ausgeschwat hunn.

Ech soen déi Chifferen hei net, fir ze soen: „Kuckt, wat d'ITM fir eng super Aarbecht mécht!“ Ech sinn iwwerzeegt, dass se déi mécht, mee dat ass net d'Zil vun deenen Aussoen, déi ech hei maachen. Ech wëll och drop hiweisen, dass et net duergeet, déi Amenden auszuschwätzen. Et ass nach eng aner Problematik, déi sech am Kader vun deenen Amenden do stellt, an dat ass d'Andreiwe vun deene Suen, déi mer do als Amenden ausschwätzen. Och do ass et néideg, dass um europäesche Plang nach weider sech convertéiert gëtt an nach weider gekuckt gëtt, dass och dat, wat herno an deenen eenzelne Länner un Amenden ausgesprach gëtt, vun deenen auslännesche Betriber kann age-driwwen ginn. An ech verstoppen lech net, dass mer dobäi am Moment nach eng Rei vu Problemer hunn.

Ech wëll awer och soen, dass ech mech freeën iwwert den algemengen Interêt un der Reform vun der ITM a mech selbstverständlech och freeën, dass ech praktesch vun alle Bänken an ëmmer erëm héieren, dass mer weider mussen an d'Schaffenskraaft vun der ITM investéieren, dat souwuel um infrastrukturellen Niveau a selbstverständlech och wat déi personell Besetzung vun der ITM ugeet.

Et ass ganz vill hei iwwert déi besonnesch Situatioun, déi besonnesch vulnerabel Situatioun vun deene Leit geschwat ginn, déi am Detachement schaffen. Si schaffe fir hire Patron an engem Land, dat net hiert ass, wou se d'Situatioun net kennen. Derbäi kënn, dass se oft souguer a verschiddene Länner schaffen. Et ass jo net esou, dass, wann een am Detachement schafft, ee per se dann an en anert Land geet, mee oft sinn dat déi Leit an déi nämmlech Leit, déi souguer a ganz verschiddene Länner schaffen. Et ass och oft esou, dass se hir Rechter, an och dorop ass elo grad higewise ginn, vun deenen eenzelne Länner iwwerhaupt net kennen. Et ass och esou, dass se ganz oft Angscht hunn, mat den Administratiounen a Kontakt ze trieden, well se d'Situatioun net kennen, well se d'Sprooch net beherrschen etc. Ech mengen, et kéint ee ganz kuerz soen: Si hunn einfach net déi Repère wéi déi Leit, déi hei am Land wunnen. An dofir si se och besonnesch vulnerabel. An dofir ass d'Gefor, dass se effektiv ausgenotzt ginn, och besonnesch héich.

Dofir ass jo och déi Direktiv do esou extreem wichteg, well se d'Rechter vun deenen Detachéierte stäerkt a well se op där anerer Säit awer och d'Flichte vun deenen, déi d'Detachementsaarbecht an Usproch huelen, vill méi kloer reegelt.

De Projet de loi 7516 huet als Zil, an och dat ass gesot ginn, d'Direktiv 2018/957 elo hei ëmzesetzen. Dat wäerte mer haut maachen. An ech soen

alle Bedeelegte Merci fir déi konstruktiv Bäiträg. Merci!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech soen dem Aarbechtsminister villmools Merci. D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7516. Den Text steet am Document parlementaire 7516⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7516 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Joséée Lorsche et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7719 - Projet de loi modifiant l'article L 222-9 du Code du travail

Mir kommen elo zum Projet de loi 7719 iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun. An do ass d'Riedezeit nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (*LSAP*), rapporteur**.- Merci, Här President. Haut si mer hei, fir e wichtige Gesetzesprojekt ze stëmme. Besonnesch wichteg an där Zäit, wou mer eis elo befannen. Et geet ëm d'Erhéijung vum soziale Mindestloun.

Zanter 1973 ass zu Lëtzebuerg de Mindestloun gesetzlech un den Index gebonnen. An zanterdeem gëtt et awer och e Prinzip, datt all zwee Joer d'Regierung der Chamber e Bericht iwwert d'Entwécklung vun der allgemenger wirtschaftlecher Lag, vun den allgemenger wirtschaftleche Konditiounen an dem Akommes virleet, a wann néideg, le cas échéant, esou steet am Gesetz, begleet mat engem Gesetzesprojekt fir eng Upassung vum Mindestloun.

An d'Salairé sinn an deene leschten zwee Joer, 2018 an 2019, geklommen: 2018 ëm 3,3 % an 2019 ëm 1,9 % (veuillez lire: 2019 ëm 1,7 %). An dëser Situatioun befanne mer eis also haut.

Mat dësem Gesetzesprojekt mat der Nummer 7719 setze mer eng Erhéijung vum Mindestloun ëm, an dat ab dem 1. Januar dann 2021. De qualifizéierte wéi den net qualifizéierte Mindestloun ginn dann ab dem 1. Januar ëm 2,8 % an d'Luucht a beleeft sech dann op 2.201,93 Euro (veuillez lire: an den net qualifizéierte Mindestloun beleeft sech dann op 2.201,93 Euro).

Wat bedeit dat elo fir de Salarié, dee betrafft ass?

Ma dat entsprécht enger Erhéijung vun 59,94, also ronn 60 Euro de Mount fir den net qualifizéierten, a fir de qualifizéierte Mindestloun ass et eng Erhéijung vun 71,93 Euro, also ronn 72 Euro de Mount. Eng Kéier 60 an eng Kéier 72 Euro de Mount méi an der Pai.